PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/04/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Sozialversécherung weiderzeleeden.

Déi zu Lëtzebuerg dominéierend tertiärer Ekonomie an den hier zugronn leienden Déngschtleeschtungssecteur hunn dofir gesuergt, dass d'Beruffsliewe vun ëmmer méi Leit vu Bürosaarbecht gepräägt ass.

Mam ville setze sinn awer och divers gesondheetlech Problemer a Verbindung ze bréngen. Vun héijem Bluttdrock, Iwwergewiicht a Réckewéi, bis hin zu Diabetes an enger verkierzter Liewenserwaardung: d'gesondheetlech Konsequenze vun dëse Büroskrankheete sinn net ze ignoréieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Leien dem Ministère Zuele fir, déi d'Evolutioun vun der Heefegkeet vun esou Büroskrankheete weisen? Wa jo, wéi hunn sech dës Zuelen an de leschten 10 Joer entwéckelt?

2. Wat fir Krankheeten trieden hei am heefegsten op?

3. Wéi huet sech d'Zomm vun de Remboursementer vun der CNS fir Behandlungen am Zesummenhang mat Büroskrankheeten an de leschten 10 Joer entwéckelt?
   Wéi héisch ass d'Zomm vun de Remboursementer vu Behandlunge vun engem Dokter?
   Wéi héisch ass d'Zomm vun de Remboursementer vu Behandlunge vun engem Kiné?

4. Wéi huet sech d'Zomm vun de Remboursementer vun den Zousazversécherunge fir Behandlungen am Zesummenhang mat Büroskrankheeten an de leschten 10 Joer entwéckelt?

5. Wat fir konkret Preventiounsmoossnamen ënnerhëlt de Ministère, fir Employeur an Employé op dës Niewewierkungen opmierksam ze maachen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député